

REÇU

Par Aiff Christian , 15:56, 09/06/2020

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaat

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2020


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

De kontroverséierten Telekommunikatiounsstandard 5G werft jo op gesondheetlech, technologeschem a politesche Plang eng ganz Rëtsch Froen op. Duerfir wëll ech hei méi technesch Froen un den Här Minister stellen:

1. Wéi wäit ass d'Evaluatoun vu méigleche Fournisseure fir de Lëtzebuenger 5G-Reseau ?
2. Wéi e Material, vu wéi engem Fournisseur, huet dobäi am beschten ofgeschnidden?
3. Wéi vill méiglech Fournisseure vu 5G-Material kommen aus China?
4. Wéi vill vun de méigleche Fournisseure si vun den USA op eng schwaarz Lëscht gesat ginn, esou datt de Kaf vun hirem Material eventuell diplomatesch a wirtschaftlech Konsequenzen kéint hunn?
5. Wéi vill Material vun esou Fournisseuren ass aktuell zu Lëtzebuerg scho Bestanddeel vun de 5G-Installatiounen?
6. Wéi vill dovunner gëtt bei den Antennen agesat, a wéi vill an der 5G-Zentral?
7. Gëtt et eng interministeriell Ofstëmmung, déi de Risiko vun US-Sanktioune bei dësem Ekipement am Ae behält?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2360 du 09.06.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser -
Réseau 5G au Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés